PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 09/09/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Energie weiderzeleeden.

Den offiziellen Instagram Account vum Energieministère ass duerch Likes vu Posts vu grénge Parteimemberen opgefall. Op de sozialen Netwierker ass et esou, dass all Interaktioun, all "Engagment" d'Räichwäit vun engem Post erhéischt. Duerch een Like vun engem Account gëtt de Post dann vu méi Leit gesinn.

An de Froen n°633 an n°948 hat ech scho Froen zu engem Code de Deontologie, deen d'Benotze vu Social Media vun den eenzele Ministere reegelt gestallt. De Premierminister konnt mir dee Moment keng Äntwerten op meng Froe ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi stinn d'Ministeren dozou, dass hei een offiziellen Account vun engem Ministère Contenu vum Parteipresident vum Minister liked?

2. Ginn d'Ministèren sech Reegele wéi mam Contenu vu Politiker a politesche Parteien ëmzegoen ass? Wa jo, wéi eng? Wa nee, firwat net?

3. Gëtt hei een Ënnerscheed gemaach tëscht dem Contenu vun der eegener Partei an dem Contenu vun anere Parteien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député